



Rapport a Conclusiounen vun der 42. Welt Scoutskonferenz vu WOSM (Online)

A. GENERELL INTRO

Während der 42ter Welt Scoutskonferenz (25-29.08.2021) an dem 14. World Scout Youth Forum (18-22.08.2021) huet d'Scouts Mouvement wichteg Entscheedunge getraff, déi seng Zukunft wäert gestalten. Dës wichteg Entscheedungen a Conclusiounen, déi Dir hei ënnen fannt, enthalen d'Ziler vum World Triennial Plang, Amendementer un der WOSM Verfassung, Konferenzresolutiounen déi ugeholl goufen, d'Hosts vun zukünftege Weltevenementer an déi nei gewielten Jugendberoder a Membere vum World Scout Comité. Vun den LGS waren mir duerch d'Jackie Appel, de Max Ternes an de Bruno Martins op dësen digitale Welt Eventer vertrauden, wou mer zesumme mat der FNEL als d' Delegatioun vum Scouting in Luxembourg deelgeholl hun.

B. ZILER VUM DRÄIJOERS GLOBALE PLANG (WORLD SCOUT TRIENNIAL PLAN)

1. Intro zum Triennial Plan

D'Ziler vum Welt Triennial Plang fir 2021-2024 goufen vun de WOSM Memberorganisatiounen op der 42nd Welt Scout Konferenz guttgeheescht, fir am Triennium 2021-2024 ëmgesat ze ginn. Dës strategesch Ziler bidden Orientatioun fir d'Aarbecht, déi während 2021-2024 gemaach soll gi, fir esou d' Vision 2023 ze erreechen.

Den neie World Scout Comité wäert nach eng lescht objektiv Iwwerprüfung vun dësem Plang maachen, fir d'Ressourcen beschtméiglech ze identifizéieren an ze verdeelen, esou och mat Konferenzresolutiounen déi ugeholl goufen.

2. Ziler vum World Triennial Plan 2021-2024 :

Lëtzebuenger Guiden a Scouten
International Ekip
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg

ic@lgs.lu | international.lgs.lu





Den ganzen Détail vun den Ziler vum Triennial Plan, d'Haaptprioritéite a strategesch Ziler vun Weltverband bis d'Joer 2024 sin an der annexe « 2021WSconf Draft Objectives of the World Triennial Plan 2021-2024 FR » ze fannen.

Hei en Iwwerbléck vun den Ziler :

- COVID-19 PANDEMIC RECOVERY & RESILIENCE :
 - ◆ Gezielt NSO hëllefen sech nei opzestellen no Covid-19, duerch personaliséiert Plans

- YOUTH ENGAGEMENT :
 - ◆ De Rôle als stärksten Ubidder vun non-formaler Education verstärken
 - ◆ Versecheren dass Participatioun an Engagement vu Jonken effektiv, strukturell op alle Niveauen emgesaat gëtt, z.bsp. : duech Trainingen

- EDUCATIONAL METHODS :
 - ◆ Ennerstetzung fir NSOs, dass sie innovatif « Youth Programms » elaboréieren an etabléiere kënnen, déi gezielt op d'Bedürfnisser vu Kanner a Jugendlechen baséiert
 - ◆ NSO ennerstetzen fir déi 4 thematesch Beräichser vum Better World Framework ze integréieren
 - ◆ Allgemeng méi Hëllef bidden fir déi Jugendlech ze mobiliséieren an sie zu « active citizens » auszebilden
 - ◆ Neies am Digitale Beräich ausschaffen
 - ◆ Focus op d Emsetzung vun der Safe from Harm Strategie

- DIVERSITY & INCLUSION :
 - ◆ Virun allem kucke wéi een op alle Levels e méi diverst an inklusivt Mouvement schaffe kann (z.bsp : Membere mat Behennerunge, psyschech Problemer, Mental Welbeing,...)

- SOCIAL IMPACT :
 - ◆ Méi Partnerschaften formen
 - ◆ SDG op nationalem Niveau implementéieren

- COMMUNICATION & EXTERNAL PARTNERS :
 - ◆ Mis à jour vum WOSM branding
 - ◆ D Image vun de Scouten no baussen verstärken





- ◆ NSO encouragéieren méi Partnerships anzegoen
- **GOVERNANCE :**
 - ◆ Allgemeng Kapazitéiten vun den NSOs verbesseren
 - ◆ GROWTH ! -> virun allem nohaltegt Wuessen
 - ◆ Méi gezielt hëllef fir NSOs
 - ◆ Grousse Focus op d'Emwelt, eise Klimaimpact → et soll e neie WOSM Service ausgeschafft ginn
 - ◆ Working Languages, Franséich an Englesch Dokumenter solle gläichzäiteg publizitéiert ginn

C. AMMENDEMENT VUN DER WOSM VERFASSUNG

D'Garantéieren duerch eng Verfassungsännerung datt « Safe from Harm » eng Fuerderung fir all d'Member Organisatiounen ass.

Méi Détailler dozou sin an der Annex « **ConfDoc07B WScConf2021 Resolutions Committee Report - Constitutional Amendments EN** » ze fannen.

D. KONFERENZ RESOLUTIONEN

Déi folgend Konferenz Resolutiounen goufe während der 42nd Welt Scout Konferenz guttgeheescht, a gi implementéiert am Triennium 2021-2024 an doriwwer eraus.

Méi Détailler dozou sin an der Annexe « **2021WScConf Conference Resolutions FR** » ze fannen.

Hei en iwwerbléck :

- **2021-01 : REGISTRATION OF MEMBER ORGANIZATIONS :**
 - ◆ Notéiert d'Zouloossung vun neie Member Organisatiounen op WOSM zënter 2017. Offiziel nei memberen bei WOSM :
 - Pathfinder Scouts Vietnam
 - Afghanistan National Scout Organization
 - Solomon Islands Scout Association





- 2021-02 : WOSM REGISTRATION FEE SYSTEM :
 - ◆ Et gett en neien Fee System deen d Kotisatioun vun de Memberorgasatiounen un den PIB koppelt.
 - ◆ Den aktuelle Fee System, mat engem fixen Taux, gett bis p d'Finanz Joer 23-24 opgeschuewen. Wann néideg och bis 26-27. Et soll d NSOs schounen, dass si sech vun der COVID19 Kris finanziell erhuele kennen.
- 2021-03 : STRATEGY FOR SCOUTING :
 - ◆ Ass gebonne mat den Ziler vum Triennial Plan an mat der Visioun 2023 vu WOSM
 - ◆ Approuvéiert den 2021-2024 Dräijoersplang an initiéiert d'Entwécklung vun der nächster Strategie fir de Scoutismus.
- 2021-4 : STRENGTHENING SAFE FROM HARM IN THE SCOUT MOVEMENT :
 - ◆ Et gouf en Constitutionelle Changement gemach :
 - En obligatoresche SfH Training get gefrot fir all Chef
 - All NSO muss eng SfH Politik ausschafen an se implementéieren
 - D'SfH ass eng Haaptprioritéit vum nächsten Mandat.
- 2021-05 : YOUTH ENGAGEMENT STRATEGY :
 - ◆ Et geht haaptsächlech dremes Jugendlecher méi no un an an d « Decision-making Bodies » ze kréien
 - ◆ D'Youth Engagement Strategy soll och vun all den NSO méi staark implémentéiert ginn
- 2021-06 : EVOLVING THE WORLD SCOUT FORUM AND WORLD SCOUT CONFERENCE TO A NEW EVENT :
 - ◆ Et geht dorems wéi een den d'Konferenz an den Jugendforum fusionéiere kann, soudass an deem néien Event d'Participatioun vun deen Jonke weiderhi garantéiert bleiwt
 - ◆ De Jugendforum war als eng Mesure transitoire an temporaire geplangt ginn
 - ◆ Wichtig fir eis als Verband ass, dass et eng Quote wärd ginn fir Delegatiounen. E gewisse Pourcentage muss dann ennert engem festgeluechtenem Alter sinn.
- 2021-07 : YOUTH ADVISOR SYSTEM AND INVOLVEMENT IN DECISION MAKING :
 - ◆ Fir d'Ëmsetze vu Moosname fir d'Participatioun vu jonke Leit am World Scout Comité ze verbessern.





- ◆ Nom Youth Forum faalen d'Youth Advisors och fort
- ◆ D Intentioun ass et den Youth Advisors System ab der Weltkonferenz vu 2024 oofzeschaffen
- ◆ Wichetege Message fir d'Verbänn : Als Verband droen mir d'Verantwortung fir jonk Leit an eis Féierungspostiounen ze bréngen
- ◆ D'Propostioun fir eng Altersquota fir de Comitée ze définéieren, gouf net ugeholl.

- 2021-08 : STRENGHTENING WOSM'S ENVIRONMENTAL SUSTAINABILITY :
 - ◆ konkret Mesuren huelle fir déi global Klimakris unzegoen an eng WOSM Climate Impact Strategie entwéckelen.
 - ◆ Appel dass mer onbedingt koordinéiert Aktiounen mussen huelen als globale Jugend Mouvement. Virun allem am Domaine vun den Sustainable Development Goals.
 - ◆ D' Verbänn sollen « Emwält Educatioun » an hiere Jugend Programmer mat abannen duerch z.bsp. :Earth Tribe Initiative
 - ◆ D'Verbänn solle méi nohaltege Eventer plangen
 - ◆ WOSM soll bis d'Weltkonferenz 2033 clima neutral sinn (d.h. den ganzen operational Staff vu WOSM)
 - ◆ Nohaltege Standards sollen festgeluecht gi fir all WOSM events

- 2021-09 : SCOUT EVENTS IN THE MODERN WORLD :
 - ◆ Dëst Resolutioun gouf vun den Holläner proposéiert. Et soll méi Leedung gin fir d'Hosts vun eng World Event, fir am Fall vun onerwaarten gréisseren Stéierungen (Covid19,... z.bsp. : fir den Eurojam 2020 a Polen a fir den Moot 2021 an Irland)

- 2021-10 : LEADERSHIP IN PEACE :
 - ◆ Dëst Resolutioun gouf vun den Schweden proposéiert déi ganz staark op eng UN Security Council Resolutioun iwwee Fridde puscht.
 - ◆ De Scoutissem soll sech als ee vun den Haaptakteure fir de Fridden positionéieren, an eng aktiv Roll spille bei der Ëmsetzung vun der Jugend, Fridden a Sécherheet Agenda vun de Vereenten Natiounen.

E. NEIEN WORLD SCOUT COMMITTEE & YOUTH ADVISORS





Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekip

1. Intro zum WSC an den YAs

Während der 42. World Scout Conference an dem 14. World Scout Youth Forum, hunn d Memberorganisatiounen fir déi 12 Wahlmemberen vum World Scout Committee an 6 Jugendberoder fir de World Scout Committee gestëmmt. Den neie World Scout Comité ass och während der Konferenz zesummekomm fir de President a Vizepresidenten fir den Triennium 2021-2024 ze wielen.

2. Youth Advisors (Jugendberoder fir den Weltscout Comité)

Vun den 18 Kandidaten, déi vun de Memberorganisatiounen virgestallt goufen, goufen déi folgend 6 Scouten als Jugendberoder fir de WSC gewielt:





Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekipp



- ❖ Mme Fatima Aliyeva, **Aserbaidtschan**
- ❖ Mme Yoobinnara Kim, **Republik Süd-Korea**
- ❖ Mme Reese Medina, **Belize**
- ❖ Mr Alhassan Soltan, **Ägypten**
- ❖ Mr Maman Lamine Soumana Ide Issa, **Niger**
- ❖ Mme Melissa Wilm Senna Pinto, **Brasilien**





Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
International Ekipp

3. World Scout Committee Members (Membere vum Weltscout Comité)

Vun de 25 Kandidaten, déi vun de Memberorganisatiounen virgestallt goufen, goufen déi folgend 12 Persounen als Wahlmemberen vun der WSC gewielt:



- ❖ Mr Mehdi Ben Khelil, **Tunesien**
- ❖ Mr Edward Andrew "Andy" Chapman, **USA -> Président vum WSC**
- ❖ Mr Mori Chi-Kin Cheng, **Hong Kong**
- ❖ Mr Wayne Adrian Davis, **Äthiopien**
- ❖ Mr Jo Deman, **Belsch -> Vice-Président vum WSC**
- ❖ Mme Nika Gorovska, **Ukraine**
- ❖ Mme Pia Melin Graasbøll, **Dänemark**
- ❖ Mme Sarah Rita Kattan, **Libanon -> Vice-Président vum WSC**
- ❖ Mr Eun Gui Kim, **Republik Korea**
- ❖ Mme Daiana Neil, **Argentinien**
- ❖ Mme Christine "Chrissy" Pollithy, **Däitschland**
- ❖ Mr Juan Reig, **Spuenien**





Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
International Ekipp

F. NÄCHST WORLD SCOUT EVENTS

D'Host vun der zukünfteger Welt Scoutskonferenz am Joer 2024, de Welt Scout Moot am Joer 2025, an de Welt Scout Jamboree am Joer 2027 goufe während der 42ter Welt Scout Konferenz bestëmmt.



- D'Plaze vun den nächsten internationale Scoutsevenementer vu WOSM goufen definéiert:

- ❖ De 26. World Scout Jamboree gëtt a Polen 2027 organiséiert;
- ❖ De 17. World Scout Moot gëtt a Portugal 2025 organiséiert;
- ❖ Déi 43. Welt Scoutskonferenz gëtt an Ägypten 2024 organiséiert.

G. WEIDER KONKLUSIOUNEN VUN DER WELTKONFERENZ

1. Rapport vum Jugendforume (WSYF)

D'Resultater vum 14. World Scout Youth Forum kënnen am Rapport fonnt ginn, zesumme mat de wichtege Messagen, déi d'Participanten vum Youth Forum un WOSM an d Welt bréngen wëllen, besonnesch fir d'Aarbecht vun de Jugendberoder während dem nächste Triennium.

Dëse Rapport ass an der Annex « ForumDoc08 WSYF Report 2021 FR » ze fannen.

9



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reizen mat Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1856



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekipp

2. Rapport Triennial 2017-2021

Hei sinn d'Leeschtunge vum vergaangene Triennium. Am exekutive Rapport vum Triennial Report sinn d'Ëmsetzung an den Impakt vum Globale Triennial Plang 2017-2020, souwéi d Noutreaktioun vu Wosm mam strategesche Plang fir 100 Deeg an dem Joer 2020-2021 ze fannen

Dëse Rapport ass an der Annex « ExetSummary byTReport2021 FR web » ze fannen.

3. Enregistrement vun de Plenarsessiounen Live Sessiounen

Erleift d'Highlights a grouss Entscheedunge vun der 42. Welt Scouts Konferenz an dem 14. World Scout Youth Forum. An der Medien Sektioon fir Videoen kennt dir Plenarsessiounen an Highlights fannen an nokucken.

An dësem link <https://scoutconference.org/medias/?lang=fr> as alles ze fannen.

H. E PUER WICHTEG ZUELEN AN INTERESSANT FAKTEN

- Aktuel sinn 172 NSO an +57 Milliounen Memberen ugemellt bei WOSM
- 2300 Membere vun 170 NSO hun un der Konferenz deelgeholl
- Quasi all Länner waren dobai (gréisst Konferenz, trotz digitaler form)
- 12 Scouten fir de World Scout Committee gewielt
- 6 Scouten als Jugendberoder gewielt
- 9 weiblech Membere vun där Équipe vun 18
- 9 männlech Membere vun där Équipe vun 18
- 10 ënner 30 vun där Équipe vun 18
- 4 Europäer am World Scout Committee

I. AM RÉSUMÉ

10



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reizen met Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1856



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekipp

- **Wichtig Décisiounen vun der 42. Weltscoutkonferenz**
 - Verstärkung vun eiser "Safe from Harm" Politik, déi eng grouss Prioritéit vu WOSM ass an och fir d'NSO soll sinn;
 - Adoptioun vun engem Dokument mat eiser Jugend Engagement Strategie, déi d'Entscheidung iwver d'Evolutioun vun der Welt Scout Konferenz an de Jugendforum, dat vun elo un nëmmen een an datselwecht Event wäert, bilden;
 - Bewäertung vum WOSM Fees System fir National Scout Organisatiounen z'ënnerstëtzen déi économesch Schwieregkeeten an engem post-pandemesche Kontext begéinen;
 - Weider Efforte maachen fir sécherzestellen datt d Scoutbewegung weiderhin eng aktiv Roll spillt fir eng friddlesch Welt;
 - Verstärkung vun WOSM Efforten am Thema Ëmwelt a Nohaltegkeet -> Prioritéit och fir NSO afléissen;
 - Adoptioun vum Dräijäreger Plang (Triennial Plan) a senge strategesch Ziler fir de Weltcomité an de nächsten dräi Joer.

Mat beschte Guiden a Scoutsgréiss,

Jackie Appel, Max Ternes an Bruno Martins fir d'International Ekipp vun den LGS.

